N°2567
Entrée le 29.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°2567 vum 4. Juli 2025 vum éierewäerten Députéierten Marc Georgen**

1. **Kann ee Proprietaire, nom aktuelle Gesetz, decidéiere fir een Déier einfach esou anzeschléiferen, och wann et medezinesch Alternativen existéieren?**

D'Déiereschutzgesetz vum 27. Juni 2018 gesäit am Art.1 vir: „Tout animal souffrant, blessé ou en danger doit être secouru dans la mesure du possible." Ob een Déier ageschléifert gëtt oder net ass eng individuell Entscheedung, déi jee no Fall vum Proprietär, zesumme mat sengem Veterinär, getraff gëtt. Vill Faktore kënnen do eng Roll spillen, virop de Gesondheetszoustand vum Déier, d'Alternativen zu der Euthanasie mat deem domat eventuell verbonnenen Impakt op déi weiderhi Liewensqualitéit vum Déier, mee awer och déi finanziell Méiglechkeete vum Proprietär an eventuell individuell eethesch Iwwerzeegungen. De Veterinär ass an deene Situatiounen dee richtegen Uspriechpartner fir eng kompetent Berodung an eng realistesch Aschätzung fir eng Entscheedung ze treffen.

Lëtzebuerg, den 29. Juli 2025

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau